

ophale beim roude Barthélemy d'Jugend ze versammelen, da misst de Vic kucken, wéi e seng Première géing kréien an den Emil géing seng Plaz verléieren, huet den Deche gemengt. Du war et eriwwer mat eisem Club! Sou war et déi Zäit.



Den Hotel des Sept Châteaux an de 50er Joren

Dei jiddesch Exilanten

Vun 1933 u ware jiddesch Exilanten am Grand-Duché, gréisstendeels awer an der Stad. Enn 1938, et war scho keen Tourismus méi, si mir vun der Regierung gefrot ginn, fir e Kontingent vun Exilanten opzehuelen, et géifen der 100 op Miersch kommen. Et waren der awer du manner, sou ém déi 80-90. All 3-4 Méint sinn neier komm. Si waren zu Miersch an 3 verschiddene Gebaier. Dat eent war d'Schlass, dat jézt egt Schlass vu Miersch, wou lo d'Gemeng dran ass. Dat huet virum Krich engem Privatmann gehéiert, dem Pierre Uhres, hie war Dierwiechter. Am Schlass huet hien eng Jugendherberg geféiert an hat gutt Plaz. Ënnen op der Stärepratz war dann den Hotel Rauchs, deen hat och émmer 25-30 Exilanten. An da war vis-à-vis mengem Papp säin Hotel, den Hotel des Sept Châteaux, deemoools Hotel Barthélemy. Dat waren déi 3 Häiser, wou d'Judden dra waren.

Mir haten awer och zu Miersch dräi jiddesch Familljen, déi richtege Mierscher waren. Dës Famillje ware wierklech beleift. Et war de Jos Bermann, e Véihändler ouni Kanner, deen um Mierscherbierg gewunnt huet. Hien a seng Frau hate sech zu Bréissel verstoppert a sinn och do vun den Nazien erschoss ginn.

An da war nach Bermanns Jos seng Schwester, d'Olga, si huet gewunnt op der Stärepratz an deem

Haus, wou haut e Restaurant ass. D'Olga hat e Meedchen, d'Bertchen. D'Bertche war bei mir an der Klass, hat ass bestued gi mat engem Brahms aus der Stad. D'ganz Famill ass an Amerika ausgewandert.

Déi drëtt Famill, dat war d'Famill **Koppel-Guggenheim**; si war eng **franséisch Jiddin**, an déi haten 2 Meedercher, dat eent war d'Irène, eng ganz léif Fréndin vu mir. Hat war e Joer méi al wéi ech. D'Irène hat nach d'Chance fir fort ze kommen. D'Preisen hu vum Oktober 40 bis Oktober 41, 13 Transporter gemaach mat jiddeschen Exilanten an d'onbesetzt Frankräich. An do si se dann ageschëfft ginn, do konnte se da fortkommen. Dem Irène seng Famill, dat ware seng Schwëster, seng Elteren an de Grousspapp, wollten deemools, wéi déi Convoien nach gaange sinn, net eraus.

„Ech gi gewass“, huet den Här Koppel gesot, „ech gi gewass aus mengem Haus eraus.“ Si sinn all zu Theresienstadt émkomm.

D'Irène ass op San Domingo komm. Hatt hat um Schéff säi Mann, e Wiener Judd, kennegeléiert. Den Diktator vun der Dominikanescher Republik, den Trujillo, huet de Judden eng Wunneng gestallt an och Land gi fir ze bewirtschaften. Ufanks de 50er Jore si se op New York gezunn. Dem Irène säi Mann war Ebeniste, hien huet al Objetë restauréiert. Zu New York huet hien en Atelier kritt, an d'Irène hat eng

Plaz op engem Bureau. Si sinn all Joer an Europa komm, fir d'éischt d'Irène eleng an dann no zwou Woche koum säi Mann no. No Lëtzebuerg si se émmer op Wien gaang, well hien hat eng Pensioun vum Éisträichesche Stat. Mat deene Suen hu se e Mount Vakanz an Europa finanzéiert.

Déi jiddesch Exilante bei äis am Hotel ware ganz fei Leit vun all Alter. Ech ka mech nach gutt un e Jonggesell vu 40 Jor a seng Mamm, si hat der 70, erënneren. Si ware vu Frankfurt. Déi meescht, déi bei äis am Hotel waren, ware vu Frankfurt, Mainz, Wiesbaden, awer och vu Berlin. Do hate mer den **Dokter Grünberg a seng Fra** an dann hate mir e Physiker, dee ganz bedäitend ginn ass, den **Dokter Ernest Ising a seng Fra d'Johanna Ehmer**. Si war eng Arierin. Den Dokter Ising a seng Fra sinn zu Miersch bliwwen bis 1947, ouni behellegt ze ginn. Si hunn niewent dem Haus Schwachtgen op der Plaz beim alen Tuur, wou d'Rue Jean Majerus lo ass, gewunnt. 1939 hu si e Jong kritt, den Tom. Si haten am Fong Chance, well d'Fra Arier war.

An de verschiddene Varietéen an der Stad, wéi de Walsheim an den Alfa ass och deemools de bekannten Auteur, Kabarettist a Conférencier, den **Exilant Karl Schnog** opgetrueden.

Déi Zäit hat ech 18 Joer, an ech hu mat menger Fréndin, dem Irène Koppel, all zwee Méint eng Sortie

gemaach an d'Stad. Mir hu 25 Frang kritt, a mat deenen hu mer äis op der Mierscher Gare e Billjee geholl Miersch-Lëtzebuerg a Retour. Zu Lëtzebuerg si mer an d'Pâtisserie Koob an der neier Avenue gaangen an hu Kaffi gedronk mat zwee Kichelcher. De **Léon Koob** war grad wéi mäi Mann an der Resistenz an an der LVL. Hien huet am Krich an der Bakes hennenausser falsch Päss gemaach. Hien ass geholl ginn a standrechtlech erschoss ginn. Vun der Patisserie Koob si mer ém 4 Auer an de Kino gaang, an de Marivaux oder an de Capitole. Duerno si mer an den Alfa gaang. Am Alfa ware Varietéen, all 14 Deeg anerer. Mir hunn eng Fläsch Limonad gedronk, dat waren déi Limonadsfläschen aus méi engem décke Glas mat uewen enger Kugel dran. An do hu mer de **Karl Schnog** gesinn. Hie war scho säit 1933 am Land. Jiddwereen a mengem Alter an all déi méi eeler hunn de Karl Schnog kannt. Déi Zäit, dat ware wierklech Kabarettisten! Ém halwer 8 hu mer den Zuch geholl fir Miersch a wa mer zu Miersch eraus geklomme sinn, dann hate mir kee Su méi. Dat huet alles zesumme 25 Frang kascht.

Fir d'Exilanten am Hotel huet e räiche Judd vu Bréissel, **Heinemann**, bezuelt. Hien hat en Intermediaire hei zu Lëtzebuerg, de Pierre Schmit, aus der Gliesener Strooss. Si hu sech nom Pensiounspräis geriicht. De Pensiounspräis war deemools 45 Frang mat mëttes

an owes enger Entrée an e war 35 Frang ouni Entrée, mat Zémmer a mat engem gudde Kaffi mueres. Meng Mama war deemools d'Kächin, mär hate kee Kach, a si war eng ganz gutt Kächin, si huet biergerlech gekacht. Obwuel si Amerikanerin war. Si hunn e Präis gemaach op 25 Frang, 25 plus 10 Prozent well den **Här Heinemann**, hie war Banquier, huet fir 100 Judden all Dag bezuelt.

D'Exilanten hu missen en Affidavit hunn, dat wëll heeschen, eng eidesstattlech Erklärung vun engem aus deem Land, wou si higaange sinn, an déi meescht sinn an Amerika gaang. D'Leit am Hotel hunn op hiren Affidavit gewaart, a sou bal si en haten, si se fortkomm. Dës Leit ware besser dru wéi déi, déi näischt virbereet haten an nom 10. Mee einfach geholl gi sinn an op Fünfbrunnen koumen a vun do aus an de Gas... dat war schrecklech. Déi hei Leit haten hir Sue jo schonn an Amerika a si waren net traureg. Owes souze se zesummen an der Salle à manger, wou se giess hunn an hu Kaart gespillet. 6 Exilanten aus dem Hotel Rauchs sinn émmer eriwwer komm bei äis an dat war émmer lëschteg. Et war och emol een do, dee Piano gespillet huet, 't war ganz flott. Meng Elteren hunn am Januar 1940 Sëlwerhochzait gefeiert an zur gläicher Zäit sinn de Will Muller an ech fiancéiert ginn. Hie war 12 ½ Jor méi al wéi ech. Bei der Feier waren och all d'Exilanten dobäi. Si hunn